Lëtzebuerger Guiden a Scouten

association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

Bilsdorf Guide and Scout Centre · Neihaischen Guide and Scout Centre · Fënsterdall Scout Campground · LGS shop by Lessure Workwear

# Newsletter

**2/2022**

***Léif Memberen,***

*Obschonn momentan d'Coronasituatioun ons net méi all ze vill Suerge bereet an ons Guiden- a Scoutsaktivitéiten all quasi ouni Aschränkung organiséiert kënne ginn, kënne mer awer net zum Ordre du Jour iwwergoen. Mam Konflikt an der Ukraine hu mer déi nächst grouss Erausfuerderung fir ons Gesellschaft an esou och fir onse Verband, deen op en neits gefuedert ass a mir als asbl kucken e beschtméiglech z'ënnerstëtzen.*

*Trotzdeem vill Spaass beim liesen a kucken,* ***Eric***





## Generalversammlung 2022

Ons Generalversammlung war Mëttwochs, den 23. Februar an enger hybrider Form um Neihaischen an iwwert Zoom, a ganz vill Memberen hunn heirunner deelgeholl oder sech vertriede gelooss. All d'Punkten um Ordre du Jour goufen ugeholl an de Comité bestätegt.

Mir soe Merci fir d'Vertrauen an ons.

## Opruff fir Donen un d'Guiden a Scouten aus der Ukrain an hiere Grenzlänner

Béid Weltverbänn WOSM a WAGGGS hunn grouss Spendenaktioune lancéiert wou sech jidderee ka bedeelegen. Dir kënnt also dës Linken un Är Frënn, Famill a Scoute weidergínn.

- Link *Spendenaktioun vu WOSM* – Ukranian Scouts Humanitarian Response
- Link *Spendenaktioun vu WAGGGS* - WAGGGS Emergency Appeal

– D'Fonge gi souwuel un d'Grenzlänner wéi och un d'ukrainesch Guiden a Scouten, fir mat allen humanitären Efforten um Terrain ze hëllefen.

- Done wäerte Folgendes ofdecken: Liewensmëttel, Medezin, Sanitär Produiten, Schlofsäck, Transportkäschten an aner néideg Versuergung. Dëst geschitt och mat psychologescher Ënnerstëtzung fir jonk Leit a Gemeinschaften, déi vum Krich betraff sinn.

*Méi Infoen heizou fannt dir ënnert de Linken uewen an dësem Artikel.*

# #StandWithUkraine Badge

Léif Guiden- a ScoutsfrënnDinnen,






dir hutt elo just bal alleguerten ee Badge bestallt, wou mam Erléis déi ukrainesch Guiden a Scoute ënnerstëtzt ginn. Net vill vun Iech wëssen, dat dee Badge elo op eis Uniform wäert gebitzt ginn, déi an der **Ukrain hiergestallt** ginn ass.

Et ass ee **Fairtrade zertifiéierte Betrib** bei der Stad Wynohradiw, wou iwwer 100 Leit schaffen a läit am Südwesten vun der Ukrain no bei der Grenz zu Rumänien an Ungarn.




Zu Wynohradiw wunnen +/- 25.000 Leit an déi Stad ass ongeféier 800 km vu Kiew ewech. D'Aarbechter(innen) waren immens frou, wéi si héieren hunn, dat mir eis esou fir hiert Land an déi Léit, déi do wunnen, engagéieren. Den Ament si bei hinnen nach weider keng Onrouen an hinne geet et elo nach zimmlech gutt, mee wie weess, wéi laang dat nach esou ass.

Iech all ee grousse MERCI a bescht Guiden- a Scoutsgréiss
***Gilbert*** *(LGSshop by Lessure)*

# E Scout léisst keen am Stach

D'Guiden a Scouten hunn eng laang Geschicht fir Fridden, Dialog, Mënscherechter a Kannerrechter ze fërderen. Dëst besonnesch a Beräicher wou Konflikter entstinn. Säit 6 Wochen ass Krich an der Ukrain, dee mir als Guiden a Scouten net akzeptéieren a wou mir – duerch eist Engagement – deene Leit eis Hëllef ubidden, déi aus deem Land flüchte mussen.

Dowéinst hunn d'LGS an d'FNEL d'Aktioun **#EscoutLeisstKeenAmStach** lancéiert. Zesumme mat der **Croix-Rouge** a **Caritas** koordinéiert **Scouting in Luxembourg** déi Guiden a Scouten, déi prett sinn eng Hand mat unzepaken. An enger éischter Phase hëllefe mir d'Wunnengen ze amenagéieren.

Mir präparéieren eis awer och schonn Aktivitéite fir déi Jonk unzebidden an si bei eis an de Gruppen opzehuelen. Dobäi ass et eis wichteg dass mir eis benevole Cheffen op dës Aufgabe speziell forméieren.

Wann dir iech och wëllt aktiv un der Aktioun bedeelege kënnt dir iech op sil.lu/ukraine aschreiwen.

***Marc Weis an Angélique Krier***
*Commissaires généraux*



# Éischt-Mee Feier 2022
## um Neihaischen



Wéi wär et wann s du dech den 1. Mee mat dénge Frënn fir d'Mëttegiesse bei äis treffe géifs? Fir Gloscht op Iessen an Drénke gëtt mat eisem hausmaacher Kascht beschtens gesuergt.

Anengems kënns du deng gebrauchte Guiden- a Scoutsuniformen, Badger, Gamelle, Scoutsbicher... matbrénge fir virunzeginn, ze tauschen oder ze verkafen! Campmaterial aus dem Shop gëtt et och.



A mëttes maache mer Visitte vu Chalet a Kapell an zesumme mat de Scouten-an-der-Resistenz feiere mer eng Guiden- a Scoutsmass. Zu gudder Läscht kanns du dir mat enger Blumm beim Scoutsmonument eppes wënschen. Komm laanscht a maach mat.

*Wann dat elauter gutt Grënn si fir op den éischten Mee op d'Neihaischen ze kommen, da mëll dech wannechgelift bis den 28.Abrëll ënnert* **neihaischen@asbl.lgs.lu** *oder* **621 31 78 61** *un.*






**Weider Detailer fënns du um Flyer, hei ugespéngelt.**







**49. Guide/Scoutskiermes zu Bilschdref,**

**ass dëst Joer NET op Christi Himmelfahrt,**

**mee Sonndes, den 19 JUNI 2022 !**

**Och dëst Joer proposéieren mär neess e gudden Kiermesmenü an een flotten Treppeltour ronderëm eisen Terrain zum Thema „50 Joer Relais de l'Amitié".**



**Détailer vum Programm kommen no iwwer :**

https://news.lgs.lu/agenda/

https://www.facebook.com/relaisbilsdorf

Bilsdorf Relais et Terrain de l'Amitié · 50 JOER 1971 - 2021